24 Froen zum Auslännerwahlrecht

1. Wat sinn Nationalwahlen? Bei de Nationalwahlen gëtt en nationalt Parlament gewielt, dat dann soll d'Natioun vertrieden, also déi Leit déi d'Nationalitéit hunn, egal wou se wunnen. D'Chamber vertrëtt d'Natioun, an d'Natioun dat sinn net d'Auslänner, mä d'Lëtzebuerger.

2. Kënnen Auslänner fir déi lëtzebuerger Chamber wielen? JO, Auslänner kënnen och elo schonn wielen wann se déi duebel Nationalitéit unhuelen dann ginn si Lëtzebuerger, dat ass net komplizéiert a bis elo en grousse Succès.

3. Kënnen Auslänner och wielen wann si net déi duebel Nationalitéit huelen? Jo d'Auslänner wielen eben fir hier Parlamenter. Sou hunn d'Auslänner hir eege Regierungen déi hir Interessen vertrieden. An verschiddene Länner wéi Frankräich oder Italien gëtt et souguer Députéiert déi exklusiv vun den Emigranten (Auswanderer) gewielt ginn (zum Beispill an Italien 12 Députéiert déi an der "circoscrizione Estero" gewielt ginn fir d"camera dei deputati" an déi d'Italiener déi am Ausland wunnen vertrieden) (an Frankräich: "11 députés représentant les Français établis hors de France" an der Assemblée nationale.)

4. Gëtt et hei en Demokratiedefizit? NEE, jidderee kann wielen, an zwar an deem Land wou en och säin PASS kritt. Dat wat zielt ass nach ëmmer WAT een ass, an net WOU een wunnt. Dofir weist en Fransous deen zu Lëtzebuerg wunnt jo och säi franséische Pass wann en de Fliger hëlt.

5. Ass Lëtzebuerg dann am Moment net demokratesch genuch? Dach, am „Demokratieindex" vun der Zeitung „The Economist" ass Lëtzebuerg op der 11. Plaz vun 167 Natiounen. Lëtzebuerg ass eng exemplaresch Demokratie!

6. Gëtt et d'Auslännerwahlrecht nach an engem anere Land? NEE dat gëtt et a kengem Land an Europa.

7. Ginn déi aner Länner wéi Frankräich oder Italien och elo den Auslänner d'Wahlrecht? NEE do traut sech mol keen drun ze denken. An eis Regierung huet nach net ugefrot fir dass déi Länner de Lëtzebuerger, déi bei hinnen wunnen, en Auslännerwahlrecht sollen ginn.

8. Déi Länner hunn jo och manner Auslänner wéi Lëtzebuerg? Jo, MÄ et ass eng PRINZIPIELL Fro, onofhängeg vun der Unzuel un Auslänner.

9. Wëllen d'Auslänner iwwerhaapt d'Wahlrecht? NEE, bei enger Chamber-Petitioun, wou och Auslänner konnten deel huelen an wou vill Reklamm gemaach ginn ass (vun ASTI, l'essentiel, paperjam...) hunn mol keng 2000 Leit ënnerschriwwen.

10. Firwat ass et net gutt wann Auslänner wielen kënnen? Vill Auslänner sinn net fir ëmmer zu Lëtzebuerg. Dann ass et hinnen eventuell och egal wat an 50 oder 70 Joer hei geschitt. Am Géigesätz dozou mussen d'Lëtzebuerger awer laangfristeg denken an sech d'Fro stellen wat fir e Lëtzebuerg se wëllen fir hir Kanner an Kandskanner.

11. Wéi eng Auslänner dierfen dann wielen, nëmmen EU-Auslänner oder och Chineesen, Russen an Nordkoreaner? Sou wéi et virgesinn ass, alleguer d'Auslänner, also (iwwerspëtzt formuléiert) och Chineesen, Russen an Nordkoreaner.

12. Géif dann och erëm eng friem Sprooch an der Chamber geschwat ginn? Wahrscheinlech géif fréier oder spéider erëm franséisch an der Chamber geschwat ginn. Kuerzfristeg géifen d'Chamberdebatten wuel an d'Franséischt iwwersat ginn, wat absolut inakzeptabel wier.

13. Missten déi Auslänner, déi wielen ginn dann och Civique-Coursen matmaachen fir eise System ze verstoen? NEE, dat ass net geplangt.

14. Kënnt dann och dat passiivt Wahlrecht fir Auslänner? Dat wier eng logesch Suite an dann missten och héich Plaatzen beim Staat opgoen fir Auslänner woubäi et dach ganz bedenklech wier wann en Auslänner géif Chef vum Geheimdéngscht ginn oder Offizéier an der Arméi.

15. Wou wielen dann déi Lëtzebuerger déi am Ausland wunnen? Dann kéinten déi vläicht guer net méi wielen, well et muss een jo wëssen wat een wëll: ENTWEDER wielen déi Leit déi hei wunnen ODER déi Leit déi d'Nationalitéit hunn.

16. Wat bedeit d'Auslännerwahlrecht fir eis Natioun? Mam Auslännerwahlrecht schafen mer laangfristeg Lëtzebuerg als Natioun an onofhängegt Vollek of, eng komplett falsch Décisioun an engem Europa wat nach laang duerch d'Nationalstaaten geprägt wärt sinn.

17. Un wéi eng Gesetzer muss sech dann en Auslänner halen? An verschiddene Beräicher ass en Auslänner den Gesetzer vun sengem Heemechtsland ënnerstallt an net de Lëtzebuerger Gesetzer. Beispiller: Éisterräicher an Schwäizer mussen an d'Arméi goen an hirem Land. Een Amerikaner deen zu Lëtzebuerg wunnt, muss sech awer un amerikanesch Gesetzer halen. Et ass jo och d'Heemechtsland dat decidéiert ob si en Pass kréien oder net.

18. Mais dann kéinten d'Auslänner jo Saachen decidéieren un déi se sech net missten halen? Theoretesch kéinten se eng Partei wielen déi géif decidéieren fir un engem Krich (z.b. am Irak) deelzehuelen, wou jo dann awer just lëtzebuergesch Zaldoten géifen dohin geschéckt ginn.

19. Auslänner schaffen jo awer hei an bezuelen Steieren, wier et dann net logesch dass si och d'Wahlrecht kréien? Nee, well an där Logik dierft jo en Aarbechtslosen, deen keng Steieren bezillt och net wielen goen. An déi Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen a schaffen, dierften néirens méi wielen.

20. Wann een d'Fro liest dann mierkt een jo awer dass een Auslänner muss ganz vill Konditiounen erfëllen fir kënnen ze wielen? Wann déi Klausel vun der Nationalitéit bis eraus aus der Verfassung ass, dann kann ëmmer erëm an der Chamber drun geännert ginn. Dann geet iergendwann d'Residenzklausel erof op 5 oder 2 Joer an d'Konditiounen ginn opgeléist.

21. Kënnt dann och d'Wahl<u>pflicht</u> fir d'Auslänner? Nee fir si ass en Wahl<u>recht</u> virgesinn wat natierlech géif bedeiten dass mer dann 2 verschidden Zorten vun Wieler hätten: Déi déi wëllen an déi, déi mussen.

22. Wéini ass déi Iddi vum Auslännerwahlrecht fir d'éischt ëffentlech opkomm? Am

Januar 2013 ass et d'Handelskammer (chambre de commerce) an den Minister Etienne Schneider déi d'Thema vum Auslännerwahlrecht richteg lancéieren.

23. Weem seng Iddi ass d'Auslännerwahlrecht? D'Iddi besteet schonn méi laang bei der Asti mä et ass elo besonnesch d'Patronat an d'Wirtschaft („les décideurs", wéi se sech nennen) déi wëllen d'Auslännerwahlrecht aféieren. D'Iddi kënnt net aus dem Vollek!

24. Firwat wëllen déi dann d'Auslännerwahlrecht? Si erwaarden sech doduerch en méi schwaachen Nationalstaat. Dat géif bedeiten dass d'Wirtschaft dann ëmmer méi hir Décisiounen kéint duerchsetzen an net méi déi demokratesch gewielte Parlamenter.

Si dir der selwechter Meenung wéi mir? Dann setzt iech och an, dass de 7. Juni mat NEE zum Auslännerwahlrecht gestëmmt gëtt.

Stëmmt de 7. Juni NEE!